Syndicat Chemins de Fer FNCTTFEL/Landesverband
Section AV
news

ogbl.lu

Lëtzebuerg den 6. September 2024

# Entrevue vum 5. September mam Chef de Division Accompagnement des trains Quentin Fressigné

De 5. September huet sech eng Delegatioun vum Syndikat Eisebunnen FNCTTFEL/Landesverband, besteeënd aus dem Jérôme TRAUSCH an Eldin DURAKOVIC, mam Chef de Division „ACCOMPAGNEMENT DES TRAINS", Quentin Fressigné, getraff, fir iwwer déi verschidden Themae vum Zuchpersonal ze diskutéieren.
Zu Esch/Uelzecht kréie mir de Pause Raum um 1. Quai beim Chef de surveillance, viraussichtlech fir Oktober dëst Joer zur Verfügung gestallt.
Den Openthaltsraum an der Stad soll renovéiert ginn, dëst geet net virun, an dowéinst mécht de Service elo Drock bei der Immo, déi fir de Projet zoustänneg sinn.
Eis nei Direktesch, zesumme mam Chef de Division, hat sech de 27. August vill Zäit geholl fir mat de Zuchbegleeder ze schwätzen. Si huet d'Geleeënheet genotzt fir e méi detailléiert Bild vun eiser Aarbecht an eisem Aarbechtsmaterial ze kréien.
Et gouf och vill iwwert eis Tâchë an Aufgaben diskutéiert.
Ufank vum nächstem Joer soll déi éischt „Temps partiel" Klass mat der Ausbildung ufänken. Et hunn sech 3 franséischsproocheg Persounen an 2 Lëtzebuerger dofir gemellt.

### 1. Mir hu gefrot säit wéini a firwat mir obligatoresch Annonce musse maachen.

Eis Annoncë sollen nach dëst Joer ugepasst respektiv geännert ginn. Et ass och virgesi, bei internationalen Zich, Annoncë op Englesch ze maachen.
D'Qualitéit huet Kontrolle vun den Annoncë gemaach an et gouf festgestallt dat des Ëftere guer keng Annoncë gemaach goufen. Fir dat all eis Clientë wärend de Chantieren informéiert ginn, a well bei eis am Land Englesch ëmmer mei geschwat gëtt, gouf decidéiert fir Chantier Annoncë och op Englesch ze maachen.

### 2. De Bréidercher Automat am Pauseraum ass säit Wochen ausser Betrib.

Den 9. Juli gouf den Devis ënnerschriwwen fir Bréidercher Automat ze flecke well en defekt ass. Hei goufen déi Responsabel och nach emol drun erënnert, dass dat deemnächst gemaach gëtt.

### 3. Neien Pauseraum mat Kichen – wéini soll dat realiséiert ginn?

D'Aarbechte ware fir de Mee dëst Joer geplangt, de Service ass weiderhin hannert der Immo, déi fir de Projet zoustänneg sinn, fir dass d'Renovatioun endlech erëm soll viru goen.

### 4. Mir wollte froe fir och mol aner Zorten Uebst ze kréien.

Mir kréien ëmmer Äppel, Bieren an heiansdo Banannen, aner Servicer hu reegelméisseg aner Zorten Uebst, de Chef de Division freet dat no.

### 5. Kaffismaschinn ausser Betrib & dreckegt Leitungswaasser.

De 4. September gouf et e Problem mam Leitungswaasser. Doropshi gouf dunn Kaffismaschinn preventiv ausser Betrib gesat a Waasserprouwe bei engem Labo ugefrot. Esoulaang ewéi mir awer kee Resultat vum Labo kritt hunn, bleift Kaffismaschinn ausser Betrib.

**6. Mir wollte wësse wat mat de Reservisten hiren ville Roudeeg ass déi si hannendra sinn.**
Wann et méiglech ass soll jidderee bis En des Joers mat mat senge Roudeeg bei sinn.

**7. Mir hu gefrot dass fir déi nei Stagiairë, d'Unzuel vun den Hiemer bei der éischter Verdeelung, an d'Luucht gesat soll ginn.**
Mir froen mindestens 5 Hiemer, op laang oder kuerz, dat soll jidderee kenne selwer decidéieren.
De Chef de Division schwätzt mat deene Responsabelen doriwwer.

**8. Mir wollten eis iwwert lëtzebuergesch Coursen an den Oflaf vun de Francophone Klassen informéieren.**
Den Oflaf vun de Coursë leeft gutt, an d'Rumeur dass an der Qualifikatioun Punkten ofgezu géife gi wann en net e gewëssenen Niveau am Lëtzebuergeschen huet, stemmt net, hei gi keng Punkten ofgezu wéinst der Sprooch.

**9. Mir hunn nach emol nogefrot dat d'Unzuel vun Deeg am „Ferienplaner" entweder richteg do stinn oder einfach guer keng do stinn.**
Des Ëfteren froen Mataarbechter:innen bei eis no, wat déi Zuel vu Congéëdeeg heescht déi am „Ferienplaner" steet. Well do eng Zuel steet, déi näischt mat der Unzuel vun de Congéëdeeg ze dinn huet déi mer am Joer setze kënnen, soll déi ugepasst oder ewech geholl ginn.

**10. Mir hu gefrot wei et mat den Mataarbechter:innen ass, déi wéinst Covid kee Self-Defense Cours matgemaach hunn.**
Déi Coursë ginn nogeholl, op et 2025 méiglech ass muss gekuckt ginn. Säit enger Zäitche gëtt mat Lapunti geschafft.
Zousätzlech wollte mir och wëssen op déi Agenten, déi e puer Joer dobäi sinn och nach eng Kéier e Recyclage Cours kréien?
Dëst konnt elo net direkt beäntwert ginn, de Sujet gëtt awer emol ugeschwat.

**11. Eis ass zu Ouere komm, dass déi Stagiairen, déi am Oktober hir Quali maachen, kee bloe Congé fir ze Léieren accordéiert kréien.**
De Chef de Division konnt eis keng direkt Äntwert op eis Fro ginn a war och e bëssen iwwert des Fro erstaunt, hie freet dat no a wäert eis informéieren.

**12. Et gëtt reegelméisseg vu Mataarbechter:innen nogefrot déi hire Bericht vun de Stonne bei Accumulator net versti.**
Eng direkt Iddi wier et, eng Powerpoint mat Erklärunge vun den eenzelnen Rubricken ze maachen.


Dionisio BATTISTA
*Délégué titulaire*
*Membre comité*


Jérôme TRAUSCH
*Délégué titulaire*
*Membre comité*


Nick WEYLAND
*Délégué suppléant*
*Membre comité*


Eldin DURAKOVIC
*Délégué suppléant*
*Membre comité*


Henri Klein
*Membre comité*


Giuseppe Papillo
*Membre comité*


Franklin Zinga Casemiro
*Membre comité*


Dany Machado Oliveira
*Membre comité*

Scan me!